haten, et géif fir d'Éischt e Screening gemaach gi vun de Finanzen, ier och géif geschwat gi vun Aspueren. Bei deene Saachen ass och gesot ginn, dass ee sech ka virstellen, och an der Familljepolitik, dass een do Spuermoossname ka maachen.

Ass de Screening scho fäerdeg, dass een elo scho kann op déi Spuermoossnamen ausgoen? Oder wéi ass déi Virgoensweis ze erkläre vun der Familljeministesch? Oder steet déi net e bëssen am Géigesaz zu där Politik, déi den Här Berger gëschter op der Pressekonferenz oder um Neijoersempfang vun der DP gesot huet, dass fir d'Éischt alles misst iwwerschafft ginn an alles misst gekuckt ginn, ier ee kéint kucken, a wat fir eng Richtung et geet, an et misst een alles eng Kéier op null setzen?

Déi Pisten, déi elo diskutéiert ginn, wat d'Kannergeld ubelaangt, also d'Familljenzoulagen allgemeng, ginn déi eleng gekuckt? Ginn déi gekuckt zesumme mat der Steierreform, déi den Här Gramegna jo soll ausschaffen? Ginn déi zesumme gekuckt mam Chèque-service, wat den Här Meisch jo nach muss ausschaffen?

A ginn déi och zesumme gekuckt mat de Wunnengsbauprimen, well et jo och drëm geet bei de Kanner, well jo och d'Kannerzuel do eng grouss Influenz huet op dat, wat am Logement geschitt? Gëtt dat och am Zesummenhang gekuckt mat de Primë bei de Prêten, bei deene jo och d'Kanner mat berücksichtegt ginn? Ass dat e ganze Package, deen do kënnt? Well eleng mat der Ukënnegung vun engem Punkt kann dat e bëssen zur Veronsécherung féieren.

Et ass des Weidere gesot ginn, et misst vereinfacht ginn, wéinst de Frontalieren. Ech menge jo awer, dass och Frontalieren, wann en neie System do ass, nach ëmmer hiren Ausgläich kréien, dass et nach ëmmer esou ass, dass a Frankräich ee fir dat éischt Kand näischt kritt an eréischt ab deem zweete Kand eppes kritt, an Däitschland erëm eng aner Moossnam ass an an deenen aneren europäesche Länner erëm aner Moossname sinn.

Gëtt dat ofgeännert? Oder wann ee schwätzt vu Vereinfachung, wéi kann een dat maachen? Well op déi Législatioun huet Lëtzebuerg jo keen Afloss, well déi gëtt vun deene jeeweilege Länner bestëmmt.

D'selwecht kann een déi Fro stellen an och de Statsminister hat mir op eng Question parlementaire geäntwert, en hat sech do op den OECD-Bericht vun 2011 beruff, deen den Här Lux schonn eng Kéier am Budgetsrapport, deen hie gemaach huet, zitéiert hat. Mä ech wollt do froen, ob d'Regierung och zwou aner Etüden awer gekuckt huet: «Les enfants pauvres au Luxembourg» vun 2003 an «Tensions financières et nombre d'enfants dans le ménage: quel lien?» vun 2011?

Wann een nämlech seet, dass d'Kannerzuel keen Afloss huet op de Budget vun enger Famill, sinn dat dofir Froen, vun deenen ech weess, dass d'Madame Ministesch elo net kann an den Detail goen, mä wou et awer net schlecht wier, wa mer op d'mannst géife gesot kréien, a wat fir eng Richtung et geet.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Kolleeg Spautz. Och just pour information, Dir loucht bei zwou Minutte 50. D'Zäit vergeet ganz séier.

(Brouhaha)

D'Familljeministesch huet d'Wuert.

Une voix.- Siwe Méint waren och séier erëm!

(Hilarité)

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Villmools Merci, Här President. Merci fir d'Fro.

Wéi mer scho gesot hunn: Mir kucken d'Kand global. Dat ass jo och e bëssel chen dat, wat Dir gefrot hutt. Mir wëllen d'Entwécklung vum Kand an de Mëttelpunkt stellen a mir wëlle virun allem och d'Startchancë vun de Kanner am Liewe verbesseren. Dofir hate mer natierlech an dëser Koalitioun och gesot, mir géifen d'Geldleeschtungen eventuell erofsetzen an d'Betreiung dann awer méi groussschreiwen. Mä dat sinn alles Saachen, déi mer am Moment amgaange sinn ze kucken.

Mir wëllen natierlech och eng selektiv Politik maachen, well mer virun allem d'Kanneraarmut weiderhi wëlle bekämpfen, wat ons ganz wichteg ass. An natierlech ginn den Ament divers Rechnunge gemaach, wéi mer dat och scho gesot hunn.

Deemno ass de Screening natierlech nach net fäerdeg, mä Dir wësst et gradesou gutt wéi ech, dass do scho ganz vill Chifferen awer um Dësch leien, déi een eben einfach esou kritt an déi een dann op eemol kennt, iwwert déi een dann och scho sech konnt seng Iddi maachen.

D'Thema ass natierlech komplex, a wéi Der richteg och schonn d'lescht Woch gesot hutt, ass et natierlech wichteg, dat Ganzt a senger Globalitéit ze kucken, d'Kand a senger Globalitéit. An dozou gehéieren net nëmmen d'Allocatiounen, mä dozou gehéieren eben och nach aner Saache mat derbäi.

Iwwregens hat déi viregt Regierung mat Iech, Här Spautz, och ugekënnegt, si wéilt d'Transferts familiaux méi selektiv gestalten, a mir sinn eben elo amgaangen ze analyséieren, wéi een dat ka maachen, andeems mer eben dann d'Kand an den Zentrum vun eise Beméiunge stellen.

D'Familljepolitik muss global gekuckt ginn, horizontal och an der Regierung, an dat ass eben dat, wat mer amgaange sinn ze maachen. Dir verstitt, dass mer ons den Ament awer nach weider vertraut maache mat de Chifferen, dass mer eis iwwerleeën, wéi een de System méi effikass virun allem ka maachen a wéi een en un d'Zäit vun haut kann upassen, wat ons wierklech extrem wichteg schéngt, och en vue vun den nächste Joren, fir eng Politik ze maachen, déi déi nächst Joren och wierklech Kapp a Schwanz huet.

Wat eventuell Changementer ugeet, do gëtt et haut net méi Informatioune wéi d'lescht Woch. Dir hutt déi Etüden ugeschwat. Jo, déi hunn ech gesinn. Ech hunn och aner Etüde gesinn a gelies. Et gëtt immens vill Etüden. Mä do geet et eben am Moment drëm, effektiv se alleguer ze kucken a sech e Bild ze maachen, e globaalt Bild eben am Sënn vum Kand, am Sënn vun de Familljen, fir dass mer do eng Politik kënnen op d'Bee stellen, déi wierklech gutt ass fir elo an och fir déi Joren, déi kommen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Familljeministesch.

Eigentlech wäre mer elo um Enn vun eiser Froestonn ukomm. Mä vu dass ech net esou streng war mat deenen eenzelnen Intervenantë bei där éischter Ronn, géif ech Iech bieden, déi Froestonn ëm eng Fro ze verlängeren an der honorabeler Madame Martine Hansen d'Wuert un den Nohaltegkeetsminister iwwert de Bau vun enger Akerbauschoul zu Gilsdref ze ginn. Madame Hansen, Dir hutt d'Wuert.

- Question n°11 du 21 janvier 2014 de Mme Martine Hansen relative au projet de construction du Lycée technique agricole à Gilsdorf, à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech hunn den 18. Dezember eng Fro iwwert de geplangten Neibau vun der Akerbauschoul un den Här Minister Bausch an un den Här Minister Meisch gestallt. Fir d'Fro kënnen ze beäntwerten, ass den Häre Ministeren eng Verlängerung bis den 18. Februar accordéiert ginn. Ëmsou erstaunt war ech, wéi ech e Freideg scho konnt an der Lëtzebuerger Press liesen, datt den Här Minister Etgen gesot hätt, datt de Standuert Gilsdref fir de Bau vun der Akerbauschoul a Fro gestallt wär respektiv guer net méi a Fro kéim.

Duerfir elo meng Fro un Iech, Här Minister Bausch: Kënnt Dir d'Ausso vum Här Minister Etgen bestätegen? Kënnt Der bestätegen, datt d'Regierung dëse Site an déi fäerdeggestallte Pläng erëm a Fro stellt?

An deem Zesummenhang wëll ech gären un e puer Saachen erënneren.

Éischtens, de Site, d'Fläche si kaaft.

Zweetens, d'Pläng si fäerdeg.

Drëttens, de Bau ass, wann d'Regierung eng nohalteg Ausbildung, och fir eis Jugendlech am grénge Secteur, fir wichteg emfënnt, absolut dréngend noutwendeg.

Véiertens, dat Ganzt - de Landkaf, d'Etüden, d'Pläng - huet scho knapps eelef Millioune kascht. Mir hu virdrun iwwert d'Allocations familiales geschwat. Ech hunn dat kuerz ëmgerechent, dat entsprécht 59.500 Méint Kannergeld fir ee Kand. Kënne mer dës Suen zur Fënster erausgeheien?

Fënneftens, um Site „Kréiwénkel" zu Gilsdref ass genuch Plaz, fir dee ganze Kompetenzzentrum Landwirtschaft ze bauen, wat, wann ech d'Press richteg verstanen hunn, Der jo och gären hätt. An och do ware scho Pläng fäerdeg.

An elo meng lescht Fro: Här Minister, kënnt Der bestätegen, datt de Site „Walebroch" an de Site „Laduno", déi zum Deel wéinst der Gréisst vun de Fläche scho viru bal zéng Joer vun de Responsabele vum Aménagement du Territoire net zréckbehale gi sinn, elo erëm an der Diskussioun sinn?

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha et hilarité)

M. le Président.- Merci der Madame Hansen. Domat huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. An och Merci fir déi Froen.

Déi Drénglechkeet, déi d'Madame Hansen hei un den Dag geluecht huet fir de Bau vum Lycée agricole, déi geet schonn 21 Joer, well esou laang ass de Lycée agricole schonn an der Diskussioun. Dat heescht, dat, wat elo als e groussen Drock duergestallt gëtt, muss ech soen, datt eng Regierung, déi elo e Mount am Amt ass, datt déi hei reprochéiert kritt, wéi wa se wéilt e Projet verschleefen, dee virdrun 21 Joer net gemaach ginn ass, dat fannen ech e bëssel chen eng komesch Aart a Weis, Madame Hansen, et deet mer leed, fir ze argumentéieren. Mais soit.

(Interruptions diverses)

Mais soit.

Ech wollt Iech just soen, datt et natierlech net drëms geet, fir hei eelef Milliounen, déi schonn engagéiert sinn, zu der Fënster erauszegeheien. Iwwregens sinn dovunner siwe Millioune fir d'Terrainen, déi kaaft gi sinn. Do kann ee mat deenen Terrainen eventuell, wann ee wëllt eppes aneschters bauen, jo och eppes aneschters maachen. Ech mengen, et ass jo net, datt déi Terraine verluer wären.

Dat Zweet ass awer esou, datt ee muss kucken an ofweien a Fonctioun vun deem, wat do soll gebaut ginn, ob ënnert dem Strëch jee nodeem, wat ee baut, emol den Terrain ausgerechent, dee kaaft ginn ass, et net méi bëlleg gëtt, op enger anerer Plaz trotzdeem ze baue wéi hei. Dat ass mindestens eng Iwwerleeung wäert, déi ee kann ustellen.

Drëttens wëll ech Iech soen, dee Site, deen ass landesplaneresch extrem contestéiert gewiescht! Dat wësst Dir genausou gutt wéi ech och. Et ass iwwregens och hei an der Chamber keng Unanimitéit gi beim Vote vun dem Lycée agricole. D'Demokratesch Partei a meng Fraktioun hunn deemools dergéint gestëmmt. A bei der LSAP gëtt et mindestens op kommunalem Niveau eng Gemeng, dat ass d'Gemeng Dikrech, déi ganz grouss Bedenken huet par rapport zum Projet.

Et ass jo net esou, wéi wann dee Projet hei elo comme une lettre à la poste iwwerall duerchgaange wier an néierens contestéiert gi wier. An och an der Landesplanung, aus landesplanerescher Siicht, ass en extrem contestéiert do, wou en ass.

An et gëtt och vläicht eventuell, an dat wëll ech Iech soen, besser Léisungen. Wann ech soen, vläicht eventuell, dann heescht dat natierlech net, datt mer décidéiert hunn, definitiv dat, wat déi viregt Regierung elo emol festgehalen huet, guer net ze maachen. Mä et muss awer méiglech sinn, eng kritesch Bestandsopnahm vun eppes ze maachen.

An déi kritesch Bestandsopnahm ass amgaangen. Et ass och doweinst, firwat ech d'Verlängerung vum Délai gefrot hunn op den 18. Februar, déi mer och dankenswäerterweis vun der Chamber kritt hunn. Et ass en Aarbechtsgrupp agesat, wou ech selwer dra sinn, wou de Landwirtschaftsminister dran ass an och den Éducatiounsminister.

Ech hunn och d'Landesplanung beoptragt, fir mer en detailléierten Avis, eng Bestandsopnahm ze beschreiwen nach eng Kéier vun der ganzer Situatioun. An da wëlle mer a Rou bis den 18. Februar dat alles duerchkucken. An dann den 18. Februar kritt Der selbstverständlech, wéi dat sech gehéiert, vu mir och schréftlech déi néideg Äntwerten.

Sollt d'Regierung décidéieren, op een anere Wee ze goen, da wëll ech Iech elo scho soen, datt déi dräi Ministeren direkt deen Dag duerno an d'Chamberskommissioun wäerte kommen, fir Iech ze presentéieren, a wéi eng Richtung et eventuell da geet.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister.

Domat wäre mer um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mer ginn iwwer zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour. Et handelt sech ëm de Projet de loi 5974, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Sociétés commerciales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Dat heescht, de Rapporteur huet zéng Minutten, déi véier Fraktioune jee fënnef an d'Vertrieder vun deenen anere Sensibilitéiten am Moment nach dräi an zwou Minutten. D'Regierung huet der zéng. Mä mir sinn haut, vu dass mer een Dag méi spéit un de Reglement kommen, net gradesou streng wéi mer dat sollte sinn.

Et hu sech ageschriwwe bis elo: den Här Guy Arendt an den Här Roy Reding. D'Wuert huet elo den honorabele Rapporteur, den Här Léon Gloden.

6. 5974 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales en vue de mettre en œuvre le Règlement (CE) n°1435/2003 du Conseil du 22 juillet 2003 relatif au statut de la société coopérative européenne (SEC)

Rapport de la Commission juridique

M. Léon Gloden *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtteg stëmme mer de Projet de loi 5974 betreffend d'Mise en œuvre vum europäesche Reglement vum 22. Juli 2003 iwwert d'Société coopérative européenne.

Firwat e Projet de loi, wa mer en europäescht Reglement hunn? Dëst Reglement gesäit vir, datt d'Memberstaten eng Rei Optiounen hunn an eng Rei Décisioune mussen huele fir d'Ëmsetzung vun der Société coopérative européenne an déi national Législatioun. Duerfir musse mer e Projet de loi hei stëmmen, obwuel e Reglement virläit.

Wat ass eng Société coopérative?

An enger Société coopérative liwweren d'Memberen hir Wueren an dës Kooperativ oder investéieren an dës Gesellschaft. En Contrepartie gi se um Benefiss vun der Kooperativ bedeelegt. Hei am Land kann een als Beispiller d'Raiffeisen Wueregenossenschaft oder d'Coopérative vu Bouneweg - déi Lescht, déi gëtt jo elo an e Supermarchésgrupp integréiert - zitéieren. Fir e Beispill vun der Musel ze huelen, kann een d'Genossenschaftskellereie vu Vinsmoselle zitéieren.

Ech ënnersträichen, datt dëse Projet de loi keng Inzidenz op déi einheimesch Kooperativen huet.

Wat ass also de But vun dësem Reglement?

Et geet drëms, d'Égalité des conditions de concurrence tëschent den Entreprises coopératives an anere Gesellschaftsformen um europäesche Marché ze garantéieren. Et ass e Fait, datt d'Société coopérative laang net esou verbreet ass wéi aner Gesellschaftsformen, wéi zum Beispill eng S.A. oder eng S.à r.l., wat déi gängeg Gesellschaftsforme sinn, fir e Betrib oder eng Aktivitéit auszeüben.

Wat sinn d'Haaptcharakteristike vun enger Société coopérative européenne?

Si huet d'Personnalité juridique wéi all déi aner Gesellschaftsformen, gëtt duerch Notärsakt gegrënnt, muss e Mindestkapital vun 30.000 Euro hunn an hiert Kapital souwéi hir Membere si variabel. D'Membere mussen entweder Client vun der Kooperativ sinn, do schaffen oder Fournisseur sinn.

D'Statute vun enger Société coopérative européenne kënnen awer och virgesinn, datt Persounen, déi just Investisseur sinn, Membere vun esou enger Kooperativ kënne ginn, an dës Optioun zitt Lëtzebuerg duerch dëse Projet de loi.

Eng Société coopérative européenne ka gegrënnt gi vun op d'mannst fënnef Persounen, déi an zwee verschidden États membres wunnen, oder vu fënnef Persounen a Gesellschaften, déi an zwee verschidden États membres wunnen oder sech niddergelooss hunn, oder duerch Fusioun vu Kooperativen, déi an op d'mannst zwee États membres hire Siège oder hir Administration centrale hunn.

Dëse Projet de loi gesäit vir, datt eng Gesellschaft, déi hir Administration centrale net um

Territoire vun der Europäescher Unioun huet, Membre fondateur vun enger Société coopérative ka ginn, wann dës Gesellschaft ënnert dem Recht vun engem Memberstat gegrënnt ginn ass, wou hire Siège statutaire ass a se och e Lien effectif et continu mat der Wirtschaft vun dësem État membre huet.

D'Benefisser ginn distribuéiert opgrond vun de realiséierten Aktivitéite vun der Kooperativ. Am Kader vun enger Dissolutioun geet den Aktiv net an d'Reserven, mä am Prinzip un eng Kooperativ, déi deeselwechten Objet poursuivéiert wéi déi Kooperativ, déi opgeléist gëtt. D'Reglement gesäit e Système moniste mat engem Verwaltungsrot oder e Système dualiste mat engem Directoire an engem Conseil de surveillance vir. Den Directoire féiert déi dagdeeglech Geschäfter an de Conseil de surveillance iwwerwaacht d'Gestioun vum Directoire.

D'Auteure vum Projet de loi wollten d'Optioun vum Système dualiste och fir déi einheimesch Kooperativen aféieren. Opgrond vum Avis vum Statsrot vum 5. Februar 2013 huet d'Kommissioun beschloss, de Système dualiste net op d'Kooperativen, déi ënner lëtzebuergeschem Recht bestinn oder kreéiert ginn, auszeweiden. Dofir gëtt dëse Projet de loi net an d'Dispositioune vun der Sektioun 6 iwwert d'Kooperativ am Gesellschaftsrecht vun 1915 integréiert, mä ënnert dëser Sektioun 6 kënnt eng nei Sous-section, déi heescht: „des sociétés coopératives européennes".

D'Kommissioun huet op dësem Punkt de Statsrot suivéiert, well jo och déi grouss Reform vum Gesellschaftsrecht vun 1915 zurzäit a Preparatioun ass an een elo net wëllt zweespureg fueren.

D'Responsabilitéit vun de Verwaltungsmembere vum Directoire oder vum Conseil de surveillance ënnerläit den normale Regelen, wéi se an eisem Gesellschaftsrecht virgesi sinn. Ënnert dem lëtzebuergesche Recht kann eng Kooperativ entweder ënnert der Form vun enger S.à r.l. oder enger S.A. gegrënnt ginn. De Prinzip bei enger Société coopérative ënner lëtzebuergeschem Recht ass d'Responsabilité illimitée. Bei enger Société coopérative européenne ass de Prinzip d'Responsabilité limitée.

Eng speziell Fro stellt sech fir Lëtzebuerg, ob eng Société coopérative, déi ënnert der Form vun enger S.A., a méi spezifesch ënnert der Form vun enger Société d'épargne-pension à capital variable, wéi d'Gesetz vum 13. Juli 2005 et virgesäit, eng Société coopérative européenne ka ginn. Esou eng Gesellschaft ass eng Kooperativ, mä eng Rei vun Dispositioune vun der Société anonyme conciliéiere sech net forcément mat dem europäesche Reglement. D'Reglement schwätzt vu Parten. Bei enger S.A. schwätze mer vun Aktien.

D'Aktie vun enger SEPCAV sinn net cessibel vis-à-vis vun Tiers. D'Reglement gesäit vir, datt ënner verschidde Konditiounen d'Partë kënnen un Drëtter iwwerdroe ginn. D'Aktie vun der SEPCAV hu keng Valeur nominale, woubäi d'Partë vun enger Société coopérative européenne eng Valeur nominale hunn.

Des Weidere sinn duerch dëse Projet de loi eng Rei vun de Fonctionnementsregele vun der Société coopérative preziséiert ginn.

Laut Reglement huet all Member vun enger Société coopérative européenne eng Stëmm. Mä d'Memberstate kënne virgesinn, datt d'Statute Votes pondérés kënne fixéieren. Dës Optioun zéie mer duerch dëse Projet de loi. Sou kann e Member ee proportionellt Stëmmrecht zu senger Participatioun un den Aktivitéite vun der europäescher Kooperativ kréien, ouni datt d'Participatioun sous forme de contribution am Kapital berücksichtegt gëtt. Sou ee Member kann awer net méi wéi fënnef Stëmme kréien. Dëse Stëmmmodus kann och net méi wéi 30% vun de gesamte Stëmmen ausmaachen.

D'Membere vun enger Société coopérative européenne, déi am Domaine financier oder am Domän vun den Assurancë gegrënnt gëtt, kënnen och e Stëmmrecht proportionell zu hire Participatiounen un den Aktivitéite kréien. Hei kann hir Participatioun um Kapital mat a Betruecht gezu ginn. Esou ee Member kann awer net méi wéi fënnef Stëmme kréien oder dëse Stëmmmodus kann net méi wéi 20% vun de Gesamtstëmmen ausmaachen.

Ofschléissend ass nach ze preziséieren, datt d'Reglement Regele fir all Etapp vum Liewe vun enger Société européenne coopérative virgesäit, dat heescht vun der Grënnung bis zu der Liquidatioun iwwer Fusioun oder Transfert vun esou enger Kooperativ.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gloden. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den Här Guy Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wéilt ech dem Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, an dësem relativ techneschen Dossier, Merci soen.

D'Kooperative schreiwe sech ënner anerem an d'Économie solidaire, déi eis Regierung, genausou wéi déi viregt Regierung, ënnerstëtze wëllt, an. Am Regierungsprogramm steet ënner anerem: «Le dynamisme de ce secteur dépendra en premier lieu de l'engagement des citoyens, des associations et des entreprises.» Fir deen Dynamismus kënnen ze entwéckelen, brauchen d'Bierger an déi Gesellschaften awer och déi néideg Moyenen. Mat der Transpositioun vun dësem Reglement, an ech wëll net méi op den Detail agoen, firwat dass mer dëse Projet de loi iwwert... dass mer dëst Reglement iwwer e Projet de loi an eist Recht ëmsetzen, kréie si e weideren Outil an d'Hand, fir dat ze maachen.

D'Kooperative kënnen elo och iwwer eis Grenzen eraus Kooperatiounen agoen. Bis ewell huet dat eng Partie juristesch an administrativ Problemer opgeworf a mat sech bruecht. Och wann déi bestehend Kooperativen net onbedéngt elo hir Aktivitéiten op d'Ausland ausweide wäerten, esou besteet awer elo d'Méiglechkeet fir nei Kooperativen, dat ze maachen, an awer och fir aner europäesch Kooperativen eventuell eng Kooperatioun mat enger Lëtzebuerger Kooperativ anzegoen.

Ech wéilt awer och nach op eng Remarque, déi de Statsrot gemaach huet, agoen, an zwar huet déi héich Kierperschaft ervirgestrach, datt de Choix an där Manéier, iwwert de Wee vun engem Reglement ze légiféréieren, net anodin ass. Fir de Statsrot schéngt de Wëlle vun den europäeschen Institutioune kloer deen ze sinn, fir eng wäitgehendst homogen Reglementatioun an deem Domän ze garantéieren.

E féiert säi Gedanken awer virun a stellt fest, et kéint jo och emol sinn, datt déi Bestriewunge sech eventuell op all déi annexéiert Domänen, wéi zum Beispill den Droit de la concurrence, den Droit de la faillite an, wie weess, souguer vläicht op den Droit fiscal an den Droit pénal spécial bezéie kéinten. Dat, mengen ech, soll een am A behalen a sech iwwerleeën, wéi een, le moment venu, dorobber reagéiert.

Ech wéilt awer och nach eng lescht ofschléissend Bemierkung maachen, wann ee feststellt, dass d'Reglement vun 2006 datéiert, de Projet de loi Enn 2008 déposéiert ginn ass a mir haut am Januar 2014 eréischt doriwwer entscheeden. Ech sinn der Meenung, dass mer an Zukunft, fir eng Insécurité juridique ze vermeiden, méi schnell op eventuell esou Reglementer musse reagéieren, wann d'États membres verschidde Méiglechkeeten hunn, Adoptiounen oder Optiounen ze huelen.

Fir de Rescht wéilt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an Iech Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Guy Arendt. Den Här Reding war als Éischten ageschriwwen, mä d'Madame Loschetter huet mer d'Wuert gefrot, fir den Accord vun der Fraktioun ze bréngen. Wann Der e bësse Gedold nach hutt, Här Reding. D'Madame Loschetter huet d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Jo, genau dat, Här President, den Accord net nëmme vun der grénger Fraktioun, mä virun allem fir dem Här Gloden Merci ze soe fir dee schréftleche Rapport, dee praktesch fäerdeg war an dee mer konnten direkt hei presentéieren, awer och fir dee mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

M. le Président.- Merci der Madame Loschetter. Domat hätt den honorabelen Här Roy Reding d'Wuert. Här Reding, wann ech gelift.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wollt dem Kolleeg Gloden Merci soe fir deen exzellente Rapport. Ech fannen dat eng ganz flott Saach, wat mer an der Commission juridique maachen, datt e Rapporteur net onbedéngt muss vun enger Majoritéitspartei sinn, datt mer eis do wëllen ofwiesselen. Dat ass eppes, wat ze begréissen ass an dat sollt vläicht och an aner Kommissiounen emol gemaach ginn.

Dem Guy Arendt soen ech net Merci, well en huet mer zwee Theme geklaut, op déi ech wollt agoen. Mä dat weist just, datt mer op enger Linn leien.

Déi ganz... wourop de Guy Arendt mat Recht opmierksam gemaach huet, ass déi Tendenz vun der Europäescher Unioun, vun der Kommissioun virun allem, fir sech a Saachen anzemëschen, fir déi se u sech net do ass. An déi Bedenke si ganz gerechtfertegt. Hei gëtt sech an den Droit des sociétés agemëscht säit 2000, de Conseil vun Nice, mam Prétexte, dat géif d'Mobilitéit vun de Firmen an Europa verbesseren. Datt dat net esou ass, gesi mer mat engem extrem techneschen, komplizéierten Text hei.

A virun allem, mir gesinn et och an der Praxis. Wa mer op d'Sociétés européennes am Allgemengen aginn, déi jo ënnert der Form vun der S.A. bestinn, säit 2004 stelle mer fest, datt et a ganz Europa der haut 900 gëtt. Ganzer 900! Vun deenen 900 sinn déi grouss Majoritéit sougenannten „Shelf Gesellschaften". Dat heescht, Vorratsgesellschaften, déi an der Tschechei gegrënnt goufen, déi awer nach net aktiv sinn, déi nach kengem gehéieren.

Et gëtt natierlech och aner Beispiller, et gëtt nennenswäert Sociétés européennes, och dat däerf een net verhehlen, ech denken do un d'Allianz, BASF, MAN a Strabag. Mä dat si ganz, ganz wéineg Beispiller fir jo awer eppes, wat eis trotzdeem relativ vill Opwand kascht.

Déi heite Société coopérative européenne, déi gëtt et säit August 2006. Dat heescht, säit August 2006 hätt eng Société coopérative européenne sech kënnen hei zu Lëtzebuerg am Handelsregëster aschreiwen, well dat Reglement jo d'application immédiate ass. A wësst Der, wéi vill sech der ageschriwwen hu säit 2006? Keng eenzeg. Keng eenzeg! Voilà. Sou vill zu Sënn an Onsënn vun esou Reglementatiounen.

Wa mer also elo no méi wéi siwe Joer dat heite maachen, fir dat ëmzesetzen, da si mer awer d'accord als Fraktioun mat deem Text, aus deem einfache Grond, well d'Reglement eis 21 Optioune ginn huet, wou ee kann an déi eng oder an déi aner Richtung goen. A mir hunn dat gemaach. Mir hunn néng vun deenen 21 Optiounen exercéiert, an ech denken, dat war zum Wuel vun eiser Plaz.

Dofir: Jo, zum Text, awer Neen am Häerz, well et e Beispill ass vun opwendeger an onnéideger Bréisseler Bürokratie.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Reding. Ech hunn dann d'Wuertmeldung nach vum Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech géif och just gären dem Här Gloden villmools Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport. Eis Fraktioun huet net weider vill dozou ze rajoutéieren an ech géif dofir gären den Accord gi vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an den Här Justizminister, den Här Félix Braz, huet d'Wuert.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll och als Éischt dem Léon Gloden Merci soe fir de schréftlechen a mëndleche Rapport. Net nëmmen dofir, och fir déi Aarbecht, déi en op deem heite Projet gemaach huet, schonn an der viregter Legislatur an der Commission juridique.

Et ass en technesche Projet, dee vläicht net dee Projet ass, deen zu groussen, begeeschterte Riede féiert an och net zu groussen emotionale Wallungen. Mä e muss gemaach ginn. An ech mengen, den Här Gloden huet dat, fir meng Begréffer, ganz, ganz exzellent gemaach. An ech wëll him dofir nach eng Kéier Merci soen, och elo als zoustännege Minister.

Ech ginn och dem Här Reding recht, wann e seet, dass déi Praxis, déi d'Commission juridique elo probéiert unzefänken, nämlech déi, datt net nëmme Majoritéitsdeputéierte Rapporte solle maachen, dass ech déi och ausdrécklech ënnerstëtzen. Hei si mer natierlech an engem Fall, wou de Rapporteur schonn an der viregter Legislatur designéiert gi war. Mä mir wäerten awer och hoffentlech an Zukunft erliewen, dass Deputéierten och aus Fraktiounen a Parteien, déi net an der Majoritéit sinn, Rapporte wäerte maachen.

An ech mengen, dass dat och eng anstänneg Form ass, eng zäitgeméiss Form ass, fir parlamentaresch Debatten ze organiséieren. Net no där klassescher Ligne de partage tëschent Majoritéit an Oppositioun, mä an engem anere Geescht. Op jidde Fall, mengen ech, ass an der Commission juridique, ënnert der Présidence vun der Madame Loschetter, dee Geescht definitiv do.

Et ass bemängelt ginn, dass dëst Reglement laang gebraucht huet, bis et vollstänneg ëmgesat war. Ech mengen, dass dat net falsch ass. Allerdéngs ass et net de Feeler vun der Regierung, och net vun der viregter oder vum Parlament. Et muss ee constatéieren, de Statsrot hat och vläicht dofir seng Grënn, dass den Avis beim Statsrot laang gebraucht huet. Deelweis kann een et verstoen. Dat hei ass bestëmmt net en ultraprioritäre Projet. Mä trotzdeem ass et awer e relativ laangen Délai.

An ech mengen, dass mer elo zu engem Ofschloss kommen, ass sécher e laange Wee gewiescht. Mä op där anerer Säit, an dat huet den Här Reding och gesot, et ass net esou, dass den Andrang terribel grouss gewiescht wär. Mir hu bis haut keng Société coopérative européenne, déi sech bei eis am Regëster, am Handelsregëster ageschriwwen huet. Dat ass deen ee Constat, deen ee muss maachen.

Et hätt awer kënne sinn, an de Fait, dass mer keen Text bis haut hunn, hätt awer net verhënnert, well d'Reglement directement applicable ass, hätt also sech eng Société coopérative européenne bei eis beim RCS gemellt, da wier se selbstverständlech ageschriwwe ginn, soudass och deen elo spéiden Emsetzungsdélai an der Praxis kee Problem geschaf hätt. A vläicht war dat och beim Statsrot ee vun de Grënn, firwat dass de Projet e bësse méi no hanne gerutscht ass.

Ech wëll just nach eng Kéier rappeléieren, dass mer hei zu Lëtzebuerg am Moment 122 immatrikuléiert national Sociétés coopératives hunn, haaptsächlech am Beräich vun der Agrikultur, och vun der Vitikultur an och am Beräich vun deem, wat een nennt vun der Épargne.

Wann Dir sot, de Projet hätt net vill Sënn, well bis elo nach keng européesch Société coopérative sech bei eis enregistréiere gelooss huet, ass dat awer nëmmen d'Halschent vun der Realitéit. Déi aner Halschent kéint jo och ginn, dass eng national Société coopérative sech dësen Text, deen och elo preziséiert ass an domadder och all Insécurité juridique ewechhëlt, dass also vläicht eng national Société coopérative sech elo géif inspiréiert spieren, fir iwwert déi national Grenze vu Lëtzebuerg eraus aktiv ze ginn an Europa. An ob dat eppes gëtt, dat gesi mer dann.

Dofir mengen ech, ass et e bësse verfréit, fir elo schonn ze soen, dat hei wär eng onsënneg Gesetzgebung an eng onsënneg Reglementatioun. Dat gesi mer eréischt an e puer Joer. An ech denken, dass déi, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, dësen Text op jidde Fall mat Opmierksamkeet wäerte liesen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci, och fir d'Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- Merci och dem Här Justizminister.

Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert de Projet ukomm. An ech géif dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5974 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioune si gelaf. De Vote ass ofgeschloss.

Um Vote hu sech 59 Deputéierte bedeelegt, 59-mol mat Jo ofgestëmmt. Domat ass de Projet mat der Unanimitéit vun deenen, déi ofgestëmmt hunn, akzeptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

M. Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber da froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete verfassungsméissege Vote ze befreien?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Merci.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi N°6559 iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm fir d'Subventioun vun de sportlechen Équipementer.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif lech elo erspueren, wéi vill Riedezäit déi eenzel Fraktiounen hunn. Dir wësst dat. De Rapporteur huet 15 Minutten Zäit fir säi Rapport. An ech ginn dann direkt d'Wuert weider un d'Madame Rapportrice. Bis elo sinn den Här Arendt, den Här Berger, d'Madame Lorsché an den Här Kartheiser ageschriwwen.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- D'Madame Arendt!

M. le Président.- Entschëllegt! Mä vu dass mer der zwee hunn. Ech sinn ontréischtlech: d'Madame Nancy Arendt. Entschëllegt.

D'Rapportrice, d'Madame Hemmen, huet d'Wuert.

7. 6559 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un dixième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Projet de loi 6559 geet et drëms, fir dem Sport eng Zomm vu ronn 100 Milliounen Euro zur Verfügung ze stellen, fir iwwert déi nächst fënnef Joer, an dat bis den 31. Dezember 2017, Finanzementer an och Subventioune fir de Bau vun neien oder awer d'Ënnerhalen an d'Moderniséierung vu bestoende Sportinfrastrukturen ze garantéieren. Mir schwätzen hei vum zéngte Fënnefjoresplang.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Vläicht e puer Wuert zum Historique. D'Traditioun vun de Fënnefjorespläng huet hir Originen am Budgetsgesetz vun 1967, wou festgehale gouf, dass e spezielle Fong geschafe géif, de Fonds d'équipement sportif national, wou déi Zommen drakommen en vue vun der Realisatioun vun engem nationale Sportsprogramm a puncto Équipementer. Mam Gesetz vum 11. November 1968 gouf dunn den éischte Fënnefjoresplang Realitéit, mat engem globale Montant déi Zäit vun 120 Millioune Lëtzebuerger Frang.

D'Motiver an och d'Argumentatioune vum deemolege Projet de loi 1317 sinn eigentlech och nach déiselwecht wéi haut. Et gouf sech baséiert op déi opfalend Frequenz vun Haltungsschied, de Manktum u physescher Resistenz bei jonke Leit, d'Heefegkeet vun den Häerz-Kreeslaf-Erkrankungen an och dem nervöse Stress bei den Erwuessenen.

Dat eleng sollt och drop schléissen, dass de Pouvoir public de Bierger all Mëttele sollt zur Verfügung stellen, fir sportlech aktiv ze ginn oder awer fir sportlech aktiv ze bleiwen.

Eng Enquête, déi 1961 realiséiert gouf, huet du gewisen, dass eis Sportsinfrastrukture bäi Wäitem net géifen duergoen. An et wier och dréngend néideg, en nationale Réseau en place ze setzen.

An enger éischter Phas sollten déi Fënnefjorespläng sech op eng Durée vu ronn 20 Joer beschränken. Mä och duerno sollt den Elan awer net ofgebremst ginn. D'Popularitéit vum Sport, grad wéi weider Besoinen un Infrastrukturen, sief et op lokalem, regionalem oder awer nationalem Plang, hunn zu der Weiderféierung vun de Fënnefjorespläng gefouert.

Haut… Abee haut si mer bei der Diskussioun vum zéngte Joresplang, wat jo ganz kloer drop hindeit, dass d'Besoine bäi Wäitem net ofgeholl hunn.

Erënnere mer drun, dass eleng d'Populatioun vun 1991 bis 2011 ëm ronn 127.000 Leit an d'Luucht gaangen ass, mat eleng an der Stad engem Zouwuess vu 17.500 neie Bierger. Eis Populatioun gëtt och méi al, si bleift méi laang aktiv a si erfuerdert och esou erëm nei Besoinen am Pensiounsalter.

Och wann d'Unzuel vun de Schüler am Fondamental méi oder wéineger stabel bleift, esou gëtt et awer eng signifikativ Hausse am Postprimaire mat ronn 8.100 Schüler méi vun 1991 bis 2011. Méi Schüler engersäits, an dann awer och eng méi laang an obligatoresch Schoulzäit setze weider sportlech Infrastrukture viraus.

De Kompetitiounssport huet net nëmmen en Opschwong kritt, mä huet sech och a verschiddenen Diszipline professionaliséiert. Déi international Participatiounen erfuerderen héichwäerteg Trainingsméiglechkeeten an domat och déi néideg Infrastrukturen.

Onnëtz, lech op dëser Plaz ze soen, wéi wichteg de Sport fir eis Gesondheet a fir d'allgemeng Wuelbefannen ass, besonnesch elo am Zäitalter vun der Sédentaritéit, vum ongesonden Iessen a mat deenen domat verbonnene Krankheete wéi Iwwergewiicht, Diabetes, Häerzproblemer a villes méi.

An deem Kontext gouf jo och de Plan d'action national „Gesond iessen, méi bewegen" ausgeschafft, dee sech iwwert déi ganz Populatioun erstreckt, vun de Kanner an de Crèchen iwwert d'Schoulen, d'Sportsclibb, den drëtten Alter, de Sport am handicapéierte Beräich an esou weider.

Och den zéngte Fënnefjoresplang mat all senge Projete sollt am Kader vun dësem globale Sportskonzept gesi ginn.

D'Servicer vum Aménagement du Territoire hu mat Recht drop higewisen, dass zentral Sitë fir d'Sportsinfrastrukture solle privilegéiert ginn, fir esou den Accès mam ëffentlechen Transport beschtméiglech ze garantéieren. Privilegéiert ginn awer och d'Infrastrukture bei de Schoulen an de Centres d'accueil fir déi kleng Kanner. Partenariater an och Synergien tëschent de Gemengen ënner sech oder och mam Stat sollen a Betruecht gezu gi fir déi käschtenopwendeg Baute vu Piscinen oder och soss Équipementer, déi souwuel fir den Enseignement wéi och fir de Public geduecht ginn.

Ech wéilt lech awer dann och op dëser Plaz op d'Kaarte verweisen an der Annex vum Gesetzesprojet, déi e gudden Ableck ginn op d'Repartitioun vun de verschiddenen Infrastrukturen hei am Land.

Wat ass dann elo geplangt?

Abee, verschidde Projete goufen nach vum néngte Fënnefjoresplang mat eriwwergeholl, anerer si schonn eragereecht ginn, mä am grousse Ganze kann een elo déi folgend Opzielung emol esou previsionell an och hypothetesch gutthalen:

Siwe Piscinen, zwee national Zentren, een nationale Fechtzentrum, een interkommunale Liichtathletikszenter, sechs Fussballsterrainen - mat deem nationale Fussballsstadion abegraff -, sechs Vestiairen, néng Multisportshalen, dräi Sportszentren, zwee Sportssäll, zwielef Sportshalen, eng Tennishal, ee Gymnastikssall, een Hangar fir d'Sportsfligerei an nach eng ganz Partie aner Sportsplazen.

Wat elo den nationale Fussballsstadion ugeet, wéilt ech op dëser Plaz op d'Urgence hiweisen, déi viru Kuerzem nach vun der UEFA rappeléiert gouf, e Fussballsstadion normgerecht ze équipéieren, fir och weiderhin nach d'Méiglechkeet ze hunn, fir bei eis international Matcher ze spillen. Ech erënneren, dass dat bis elo just méiglech war, well mer mat enger spezieller Derogatioun gefuer sinn, déi just eis FLF kritt hat. Op nationalem Niveau hu mer et deemno hei mat enger absoluter Prioritéit ze dinn.

De Sportsministère, zesumme mat der FLF, hunn am November 2012 décidéiert, fir d'Virbereedungsaarbechten unzegoen a fir den aktuelle Site vum Stade Josy-Barthel ze moderniséieren an dorauser dann den neien nationale Fussballsstadion ze schafen (veuillez lire: maachen); eng Décisioun, déi och am neie Regierungsprogramm festgehale gouf. Par rapport zum urspréngleche Projet, deen 2009 geplangt war, huet dës Solutioun de Virdeel, dass mer besonnesch elo an deene méi schwierege budgetären Zäiten déi noutwendeg Ëmännerungen an och d'Exigenze vun der UEFA mat engem räsonabelen Investissement an och méi kuerzfristeg kënnen ugoen.

Déi existent Sportsinfrastrukture fir d'Liichtathletik wäerten am Kader vun dësem Projet wuel verschwannen a ginn dann um INS ënnerbruecht. Och hei ass eng gréisser Renovatioun virgesinn, fir souwuel de Besoine vun der FLA wéi och dem Sportslycée an dem CSL gerecht ze ginn.

De Projet vum Velodrom ass elo net direkt an dësem zéngte Fënnefjoresplang verankert. Den initiale Site zu Zéisseng, dee schonn 2006 iwwer e Règlement grand-ducal festgehale gouf, sollt sech am Nachhinein awer net esou eegnen, soudass de Projet reportéiert gouf. D'Gemeng Mondorf ass mëttlerweil déi eenzeg Kandidatin, fir esou eng Infrastruktur opzehuelen. A virum Hannergrond vun den aktuelle budgetäre Contraintë soll dann elo gekuckt ginn, ob de Bau vun enger iwwerdeckter Vëlospist kéint realiséiert ginn am Zesummenhang mam Projet vum neie Mondorfer Lycée.

Mä nieft der Planifikatioun vun den neien Infrastrukturen an Équipementer ass awer och d'Erhale vun allem, wat schonn en place ass a wat am Kader vun de viregte Fënnefjorespläng realiséiert gouf, ganz wichteg. E Listing gëtt Opschloss iwwert déi ufalend Renovatiounsaarbechten, déi dann opgrond vun engem groussherzogleche Reglement autoriséiert ginn.

Nei an dësem Fënnefjoresplang ass och de Finanzement vun enger Base de données iwwert d'Sportsinfrastrukturen. Op Urode vun der Comexbu, der Commission du Contrôle de l'exécution budgetaire hei an der Chamber, an no de Kontrolle vun der Cour des Comptes wäert elo an Zesummenaarbecht mam SIGI, dem Syndicat intercommunal de Gestion informatique, en Inventaire opgestallt ginn iwwer sämtlech Sportsinfrastrukturen am Land, sief et op staatlechem oder awer op kommunalem Plang.

Hei geet et zum engem drëms, fir d'Repartitioun vun den Infrastrukturen am Land ze dokumentéieren am Sënn vun enger beschtméiglecher Planifikatioun, mä do dernieft soll dësen Outil awer och d'Gestioun an de Suivi vun den Investissementer méi effikass maachen. D'Bierger wäerten doduerch dann och d'Méiglechkeet kréien, fir sech besser ze informéieren, wou a wéini si hire Sport kënne praktizéieren.

Wat elo de Montant ubelaangt vun dem zéngte Fënnefjoresplang: Abee, déi finanziell Enveloppe war 2008 op ronn 110 Milliounen Euro festgehale ginn an d'Projete fir den néngte Fënnefjoresplang hunn 90 Milliounen erfuerdert.

Opgrond vun de realisteschen Donnéeën, déi aktuell ausgeschafft goufen, ass d'Enveloppe fir den zéngte Fënnefjoresplang elo liicht méi déck, an nodeems se an der jetzeger Krisesituatioun an opgrond vun den ugestriefte Spuermoossnamen no ënne revidéiert gouf, ass se, vun den initialen 120 Milliounen Euro, dann elo schlussendlech op ronn 100 Milliounen Euro fixéiert ginn. Wat den Délai vum zéngte Fënnefjoresplang ugeet, esou erstreckt dee sech vum 1. Januar 2013 bis op den 31. Dezember 2017.

Et bleift awer nach ze soen, dass onofhängeg vun dësem zéngte Fënnefjoresplang aner Sportsëquipementer an Infrastrukture kënnen décidéiert an och finanzéiert ginn am Kader vu spezielle gesetzlechen Autorisatiounen; besonnesch déi am Beräich vun de Lycéeën, déi jo alleguerten eng Sportshal a verschiddener och souguer eng Piscine geplangt hunn. An an deem Kontext kann een och nach vum Site Belval schwätzen, wou och hei e Sportscampus wäert realiséiert gi fir d'Studenten an och soss Schoulen an d'Bierger aus der noer Ëmgéigend.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, op dëser Plaz awer nach eemol ze betounen, wéi wichteg et ass, fir de Sport weider ze ënnerstëtzen. D'Investissementer, déi iwwert dëse Fënnefjoresplang duerchgefouert wäerte ginn, schafen oder awer verbessere souguer nach d'Konditiounen, déi et de Leit erméiglechen, fir Sport ze maachen. Dat kënnt dem Wuelbefanne vu jiddwer Eenzelnen natierlech zegutt, mä et ass och ekonomesch gesinn e preventivt Investissement an d'Gesondheet vun der Populatioun.

Gläichzäiteg ass et awer och ganz kloer, dass och hei de Mot d'ordre vum „utile et nécessaire" muss gëllen: dat heescht, räsonabel an dann awer och nohalteg investéieren, soudass d'Infrastrukture funktionell sinn an och optimal kënne genotzt ginn, esou vill an esou gutt wéi méiglech a vun engem méiglechst breeden a grousse Public. Och den Exposé des motifs vum Projet de loi betount dës Aspekter, an ech denken, dass mat deene Virgabe jiddweree misst kënne mat dësem Projet averstane sinn.

Zum Ofschloss dann awer natierlech nach den Avis vum Statsrot zu dësem Gesetzesprojet. Hei beruffen ech mech op den Avis, deen den 12. Juli 2013 erakomm ass a wou eigentlech bedauert gëtt, dass keen État des lieux oder awer soss eng Analys vun de viregte Fënnefjorespläng gemaach gouf.

Wat elo de Projet vum nationale Fussballsstadion, dem Velodrom an och dem neie Liichtathletikszenter ugeet, esou ass d'Fro gestallt ginn, ob et net derwäert wier, fir eng Etüd ze maachen am Hibléck op ee gemeinsame Site fir dës dräi Infrastrukturen.

De COSL huet de 7. Juni 2013 säi positiven Avis eragereecht a begréisst, dass an dësem Fënnefjoresplang regional Opbesserunge geplangt sinn, grad eréi och d'Erhalen oder d'Renovatioun vun de bestehende Gebailechkeeten. De COSL bedauert, dass de Projet Velodrom reportéiert gëtt, mä e kuckt awer ganz positiv op de Projet vum nationale Fussballsstadion Josy-Barthel, dee wéinst der Urgence séier sollt ugefangen a fäerdeggestallt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wäit also zu der Presentatioun vum Gesetzesprojet 6559, wou ech nach ka soen, dass de schréftleche Rapport à l'unanimité vun alle Parteien an der leschter Kommissiounssëtzung approuvéiert gouf.

Heimadder wéilt ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Madame Hemmen, fir deen interessanten a breetgefächerte Rapport, wou Der sämtlech wichteg Secteure vum Sport hei fir eis beliicht hutt. Mir hänken - jiddefalls de Gros vun de Leit heibannen, déi hänken - mat Häerz a Séil um Sport, deen extrem wichteg ass fir eis alleguerten, mä och haaptsächlech fir ons Kanner. Mir soen ëmmer „fit for health, fit for competition" an „fit for fun"! Ech mengen, dat gëllt fir eis alleguerten, an dofir solle mer och ganz vill dru schaffen, dass mer deen interessante Fënnefjoresplang hei gutt iwwert d'Bühn kréien.

Elo eng Spëtzesportlerin an engagéiert Deputéiert: d'Madame Nancy Arendt, épouse Kemp - fir et elo richteg ze soen -, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, fir unzefänke wéilt ech der Rapportrice, der Madame Cécile Hemmen, e grousse Merci soe fir hiren ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport an awer och fir déi gutt Zesummenaarbecht an der Kommissioun.

Ëm 400 viru Christus huet de griicheschen Dokter Hippokrates scho Folgendes festgestallt: „Wenn wir jedem Individuum das richtige Maß an Nahrung und Bewegung zukommen lassen könnten, hätten wir den sichersten Weg zur Gesundheit gefunden."

A wat virun iwwer 2.000 Joer richteg war, dat stëmmt haut méi wéi jee! Mir liewen an engem Zäitalter, wou d'Leit ëmmer méi duerch sougenannten „Zivilisatiounskrankheeten" geplot ginn, oft well se ze vill sëtzen, sech net genuch bewegen a schlecht an ongesond iessen an drénken. Besonnesch déi Jonk wuessen haut an enger Welt op, déi anescht ass wéi déi, an där mir - op alle Fall déi meescht vun eis heibannen - grouss gi sinn.

Déi méi héich Unzuel vu Leit, déi bei eis wunne kommen, dat méi dicht Verkéiersopkommes an de Stied an an den Dierfer bréngen et mat sech, datt d'Kanner sech méi ageschränkt an hirem direkten Ëmfeld bewegen an dobausse spille kënnen. Derbäi kommen dann och nach déi nei Kommunikatiounstechnologien, d'Medie souwéi och déi technesch flott modern Computerspiller, déi d'Kanner an hire Bann zéien. Et ass och fir d'Elteren oft méi einfach a méi sécher, se dobannen op der Couche ze beschäftegen, verglach mam Opwand an dem Engagement, deen et bedeit, fir eng aktiv sportlech Betätegung ze garantéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, hautdesdaags weess jiddwereen, datt de Sport an eng gutt Ernährung vill zu engem laangen a gesonde